n° 3403

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 14:34, 08/01/2021

Lëtzebuerg, den 08/01/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.**

Mat der Reorganisatioun vun der Police, déi de Minister an d'Weeër geluecht huet, goufen eng Rëtsch Kommissariater an de leschte Joren zougemaach an op aner Uertschafte verluer. Hat fréier bal all Uertschaft säi Kommissariat, esou ass et haut, dem Minister no, méi effektiv d'Kommissariater méi ze zentraliséieren an d'Poliziste méi Presenz op de Stroossen weisen ze loossen. Och d'Kommissariat zu Käerjeng gouf virun e puer Joer zougemaach an d'Policebeamte goufen an aner Kommissariater versat.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi eng Kommissariater goufen d'Polizisten zu Käerjeng versat?
2. Wéi vill Poliziste goufen an de Kommissariat op Péiteng gesat? Wéi vill Vollzäitstellen a wéi vill Deelzäitstelle goufen insgesamt op Péiteng versat a wat ass den Total u Stonnen, deen de Policebüro zu Péiteng duerch d'Opléise vu Käerjeng bäikrut?
3. Ass geplangt, ee Policebüro an der Rue de Linger op der Gemengegrenz tëscht Käerjeng a Péiteng ze erriichten? Falls jo, wéi wäit ass een am Ministère mat der Ëmsetzung vun dësem Projet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 11 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3403 du 08.01.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Réorganisation des commissariats de police

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés